



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Wuert huet den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci der Madamm Rapportrice fir hire gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

No engem Debat, dee mer d'lescht Woch haten iwwert d'Mobilitéit, maache mer hei dann Neel mat Käpp. Et ginn direkt Suen investéiert an e Projet, dee mir nëmme kënnen ënnerstëtzen. Wann ee weess, datt mer zum Beispill 2013 nach 163 Milliounen Euro an d'Schinn investéiert hunn an 2017 et der schonn 399 waren an 2018 364, da gesäit een, datt do schonn eng nett Progressioun dran ass. Also vun 2013 un hu mer am Ganzen 1,6 Milliarden Euro an d'Schinn investéiert. An dat kënnen mer nëmme begrëssen. An dat hei ass e Projet, deen en Invest an d'Zukunft ass, e Projet, dee mer brauchen, fir datt eis Mobilitéit besser gëtt.

An duerfir ginn ech och hei ganz gären den Accord vun der LSAP.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot, déi Debatt vun der leschter Woch huet jo ganz kloer gewisen, datt Konsens herrscht, fir um Niveau vun dem ëffentlechen Transport a méi spezifeschen um Niveau vum Schinnereseau nach méi ze investéieren. Et ass enorm vill an deene leschte Jore geschitt. Et brauch een net méi op den Detail anzugehen. Och deen heite Projet reit sech an déi Strategie an, e Projet, dee mir nëmme kënnen begrëssen.

Et ass natierlech och e Projet, deen een automatesch och dozou verleet, fir awer nach eng Kéier op déi Problematik hinzewisen, déi besteet op der Streck zwëschen Lëtzebuerg a Bréissel. A wann ee selwer regelméisseg mam Zuch dohinnefert, dann ass ee schonn dozou geneigt, fir am Fong geholl den Zuch eng Stonn eischter ze huele wéi fréier, an der Hoffnung, datt ee vläicht dann zurzäit um Rendez-vous zu Bréissel ass. Mä dat huet näischt direkt mat der Lëtzebuerger Eisebunn ze dinn. Mä et wär awer vläicht net onwichtig, wa mer ëmmer erëm am Dialog mat der belscher Eisebunn géifen drop hiweisen, datt et awer wichtig wär, datt déi Streck nach géif verbessert ginn.

Vläicht nach eng kleng Remark zum Schluss och nach: Dat Gesetz vum 10. Mee 1995, dat fänkt un, riseg ze ginn. Et fënnt ee sech wierklech net méi dran erëm. Et wier vläicht net schlecht, wann een do awer eng Kéier géif e Schlusstréch zéien a vläicht en neie Gesetzestext géif maachen. Bon, doriwwer sollt ee sech awer emol eng Kéier seng Gedanken maachen.

Onofhängeg vun deene puer Remarken ass dat heiten e ganz gudder Projet, dee mir als Demokratesch Partei selbstverständlech wäerten ënnerstëtzen.

An ech soen der Madamm Lorsché och nach e Merci fir hir verschidde Rapporten. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An den nächste Riedner, den Här Gast Gibéryen, huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech ka mech nëmmen deem uschléissen, wat all meng Virriedner hei gesot hunn. An ech wëll der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, Merci soen an d'Zoustëmmung vun eisem Grupp bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vum allgemengen Debat ukomm. De Statssekretär am Nohaltegekeetsministère, den Här Camille Gira, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech wëll mech ganz kuerzfaassen, virun allem der Rapportrice an all deene Merci soen, déi an enger ganz schneller Vitesse derfir gesuergt hunn, dass dee Projet hei esou séier kann ofgestëmmt ginn, also méi schnell wéi d'Vitesse op der Streck Lëtzebuerg-Bréissel, do si mer eis eens,...

(Hilarité)

...well soss wier dese Projet net méi an deser Legislaturperiod gestëmmt ginn.

Mä Spaass beisäit, Dir wësst, dass mer frou sinn, datt dass elo esou séier geschitt ass, fir dass dee Projet, deen zu engem groussen Deel ofgeschloss ass, awer an aller finanzieller Transparenz dann och gutt zu Enn ka gefouert ginn.

Ech kann lech versécheren, dass an all bilateraler Reunioen, sief et an deene sougenannten „Gäichel-Gesprécher“, sief et awer och besonnesch tëscht dem Här Bausch an dem Här Bellot, déi Streck do um Ordre du jour steet an dass net eng Reunioen vergeet... Mä mir kennen d'Verhältnisser an der Belsch, déi, wann et drëm geet, Suen a Wallounien ze investéieren an a Flandern, net ëmmer ganz einfach sinn. Ech hunn dat Gefill, dass mer e bëssen doru scheitern. Mä et huet een awer dat Gefill, dass iergendwéi eng Kéier en Enn vum Tunnel vun där Streck - och wann op där Streck keen ass - ze gesinn ass.

Ech mengen och, dass een d'Gesetz vun 1995 eng Kéier kéint iwwerschaffen, fir dass och erëm jiddweree sech dodran erëmfënnt.

An dem Här Schank kann ech versécheren, dass mer dat noliwweren. Ech kann lech awer och hei scho soen, dass eng vun den Haaptursache vum den Delaien op alle Strecken dat ass, mengen ech, wat bei engem anere Projet de loi viséiert war, dee virun allem viru Kuerzem hei votéiert ginn ass an dee substanzuell war, mengen ech, mat 170 Milliounen, dat sinn d'Enkpäss an der Gare Lëtzebuerg. Dat ass heiansdo de Leit am Éislek oder am Oste schwéier ze erklären, wann hiren Zuch fënnel oder zéng Minutte Verspéidung huet. Meeschtens ass et awer bedéngt duerch d'Enkpäss an der Gare. An do ass de Projet votéiert. An do sinn, mengen ech, substanzuell Aarbechte geleescht gi mam Ofrappe vum Atelier. An do bestinn Hoffnungen, dass, wann deen eischte Quai bis fonctionnéiert Enn 2019, dass dann net nëmmen an der Gare Lëtzebuerg viles besser gëtt, mä op alle Strecken.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7233 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7233 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

60-mol Jo, de Projet 7233 ass domat unanime ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferd, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen, dem Projet de loi 7234 iwwert de Bau vun engem Park & Ride zu Rodange. D'Rapportrice ass prett, d'Madamm Josée Lorsché.

7. 7234 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Et la suite!

Dir Dammen an Dir Hären, zur Ofwiesslung geet et bei deemem Projet de loi net ëm de Finanzement vun enger Schinneninfrastruktur, mä ëm de Finanzement vun engem Park & Ride, dee bei der Gare vu Rodange soll gebaut ginn, mam ganze Baussemenagement, deen dozougehéiert.

Wéi Der lech bestëmmt kennt erënneren, stoung dese Projet am Joer 2015 op der Lëscht vun de groussen Infrastrukturprojeten, déi den

Accord de principe vun der Chamber kritt hunn. Mëttlerweil leien net nëmmen d'Detailpläng vir - d'Analyse si gemaach -, mä och de previsionnelle Budget, dee fir de Bau vun deemem Projet gebraucht gëtt. E beleeft sech op 43,470 Milliounen Euro an ass geduecht, fir déi ganz Parksituatioun op der Gare vu Rodange an de Grëff ze kréien.

Momentan ass et esou, datt et schonn an de fréie Moiesstonnen zu Enkpäss kënnt, mam Resultat, datt sämtlech Parkplaze ronderëm d'Gare moies um siwen Auer voll beluecht sinn. Dat féiert dozou, datt all Dag ëm déi 300 Chaufferen hiren Auto an e Wunnquartier südlech vun der Gare ofstelle ginn. A mir wëssen alleguer, datt dat keng dauerhaft Léisung ka sinn. Et ass evident, datt et net kann esou goen, datt d'Leit an d'Wunnquartiere stoe ginn, wa se mam Zuch wëllen op d'Aarbecht fueren, ëmsou méi, well den Drock op d'Gare vu Rodange ëmmer méi grouss gëtt an dee Problem net esou séier wäert geléist ginn.

En erkläert sech doduerch, datt des Gare a Proximitéit zu der belscher an der franséischer Grenz läit an domat och beim Pôle européen de développement. Engersäits ass d'Gare och un den nationale Stroossereseau ugebonnen, anerersäits un eng europäesch Stroossenachs, déi massiv vun de belsche Frontaliere benotzt gëtt, fir an d'Land schaffen ze kommen.

D'Gare selwer besetzt dräi Quaien a läit un dräi Linnen, dräi Eisebunnslinnen, déi aus der Stad a Richtung Rodange, Lonkech, Athus an Arel verlafen. Dobäi kënnt eng Gare routièr, déi souwuel vu Schoulbusse wéi och vum TICE a vum RGTR bedéngt gëtt.

Well des Gare en zentrale Pôle d'échange ass an der ganzer Regioun, huet d'Regierung zesumme mat der Gemeng Péiteng decidéiert, de Parkraum auszebauen, fir de Beruffstrafic a Richtung Zuch a Bus ze orientéieren.

D'Parkhaus, wat geplangt ass, besteet aus siwen Niveauen, mat insgesamt 1.560 Parkplazen, vun deenen der 35 fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit reservéiert sinn. 44 Stellplaze gi mat elektrësche Bornen ausgestatt, dovun 10, déi dem Carsharing virbehale ginn.

D'Gebai gëtt iwwerdaacht, soudatt Fotovoltaikpanneauen drop installéiert kënnen ginn an do niest och eng Retentioun fir d'Reewaasser mat enger Gréngfläch.

Zu den Aarbechten, déi mat deemem Projet de loi finanziaiert ginn, gehéiert och de Reamenagement vum ganze Bauseberäich. Dese besteet ënner anerem aus der Adaptatioun vun de Stroosseninfrastrukturen an aus dem Bau vun engem Rond-point, deen néideg ass, fir eng gutt Accessibilitéit zu der Gare ze garantéieren, respektiv och zum Park & Ride. Dobäi kommen eng Rei extern Amenagementen wéi beispillsweis Trottoiren a Maueren, technesch Installatiounen an de Bau vun den néidegen Infrastrukture fir d'Waassergestioun. A grad wéi bei anere Projete vun den CFL sinn och bei deemem Projet Lärmschutzwäll virgesinn.

De Projet ass an zwou Parten agedeelt, déi parallel zueneer realiséiert ginn. Déi éischt besteet aus der Konstruktioun vum Parking als solchem an déi zweet aus dem Amenagement vun den Zoufaartsstroossen an aus dem Bau vum Rond-point, deen a verschiddenen Etappe wäert erfollegen.

Och hei verweisen ech fir déi vill technesch Detailler a fir d'Pläng op mäi schrëftleche Rapport respektiv op d'Documents parlementaires 7234, wou ganz, ganz vill Detailler ze fanne sinn.

Bleift nach ze soen, datt de Projet de loi den 19. Januar 2018 vum Nohaltegekeetsminister François Bausch deposéiert ginn ass an datt de Statsrot och hei näischt aussetzen hat a sengem Avis vum 20. Mäerz 2018. Mir haten d'Aarbecht an der Kommissioun och hei séier ofgeschloss. An den 19. Abrëll 2018 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugehall.

Fir dese Projet de loi, mä och scho fir dee virdrun, wéilt ech den Häre Jeannot Poeker an Henri Werdel Merci soe fir hir Begleedung an der Kommissioun. Dir sidd ëmmer prett, wann et ëm méi schwieereg Froen geet an Dir hutt op all Fro eng Äntwert!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Projet de loi ass e wichtige Bausteen, fir de Beruffstrafic direkt an der Grenzregioun op den ëffentlechen Transport ze orientéieren an d'Stroossen ze entlaaschten. Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens.

Domat invitéieren ech lech, och dese Projet de loi ze stëmmen, a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun, mat engem Merci fir d'No-laaschten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci gesot. Éischte Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, der Rapportrice Merci fir dee gudder mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dir hutt vill Wourechte gesot. An et ass kloer, dass d'CSV dese Projet de loi wäert stëmmen, well mir sinn der Iwwerzeegung, dass e Park & Ride e wichteg Standbee vun der aktueller Mobilitéitspolitik ass an och vun där vu muer.

An Dir hutt gesot, de Grenzraum géif entlaascht, an dat ass sécherlech eng Tatsaach. Mä wann een dat da mécht, da muss een och aner Moosnamen huelen, notament dass eben déi Moosnamen hannendrukommen, wéi zum Beispill, wa mer vum Kordall schwätzen, wa Péiteng elo entlaascht gëtt - an do dinn ech de Brëll u vun doënnen, ech weess, wéi schlëmm et ass, an Dir hutt dat jo och an Ärem Rapport gesot -, da muss och fir Käerjeng eppes geschéien. Do geschitt jo och eppes mam Contournement. Mä do muss och e Park & Ride kommen, dee virgesinn ass fir 400 Autoen. Da si mer um richtige Wee. Also d'CSV wäert ëmmer esou eng Politik ënnerstëtzen, wou mer op den ëffentlechen Transport histeieren.

Et ass logesch gewiescht, dass dat gemaach ginn ass, well jo och eng Verduebelung gemaach ginn ass vun de Gleiser. Dat muss ee wëssen. An deemools huet och d'Gemeng 2012 gesot, dass et noutwendeg wär, dass dee Park & Ride esou séier wéi méiglech kéim. An et ass och logesch, wéi et gesot ginn ass, dass een dat op d'Grenze setzt.

Wa mer elo deen neie Konzept kréien, wäerten och nach aner Ännerunge komme fir déi Leit an der Gemeng Péiteng. Éischstens emol wäert op der Gare selwer zu Rodange d'Barrière zougemaach ginn. Da wäerten d'Leit iwwer eng Bréck eran op Rodange komme respektiv an d'Gare. Dee ganze Raum vun der fréierer Rodanger Schmelz, deen ieweschte Raum, wäert verbaut ginn, mat Wunnengsbau a mat Büroen, soudass dee ganzen Eck also vill besser organiséiert wäert ginn.

Et ass also eng Plus-value fir déi Leit, déi doënnen am Eck sinn. An net nëmmen déi gemeengepolitesch Responsabel vu Péiteng a ronderëm wäerte sech freeën, mä och d'Bierger, well mer effektiv heimat mander Verkeier wäerte kréien. Duerfir wënsche mer eis, dass dee Projet esou séier wéi méiglech kënnt.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Als nächsten ageschriwwene Riedner schwätzt den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, och vu mir aus e grouse Merci un d'Josée Lorsché als Rapportrice. Et ass wierklech e Projet, deen derwäert ass, datt een deen ënnerstëtzt, 43,7 Milliounen, déi gutt investéiert sinn. An et ass e Projet, deen u sech als Modell soll duerfir dengen, datt mer Park & Riden no bei d'Grenz bauen a vläicht souguer och iwwert d'Grenz ewech an eis Nopeschlänner. Vläicht, wann dat opportoun ass, da soll een och drun denken, fir dat ze maachen.

E reit sech, wéi och dee Projet vu virdrun, an eng Rei vu Mesuren an, déi gutt sinn, iwwert déi mer an de leschten Deeg hei geschwat hunn, och den Ausbau vum Quai. An deen heite Projet wäert mat Sécherheet d'Situatioun am Süden a virun allem am Südweste vum Land verbessern. A wann elo nach zu Käerjeng de Park & Ride kënnt, da kréie mer mat Sécherheet mat deenen zwee Park & Riden hei schonn eng wesentlech Verbesserung vun der Verkeierssituatioun am ganze Südwesten, soudatt ech sécher sinn, datt déi heite Sue ganz gutt investéiert sinn an d'Mobilitéit vun de Leit.

Merci fir dee gudder Projet an ech bréngen den Accord vun der LSAP.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et ass eng Tatsaach, datt de Stau natierlech zu engem gudden Deel duerch d'Frontaliere bedéngt ass. Dat soll alerdéngs elo net pejorativ gesi ginn. Ech fannen et och net richtig, wa mer dee Moment ëmmer d'Schold wëllen op d'Frontalieren ofleeden. Et däerf een net vergiessen, datt d'Frontalieren engersäits zu der gudder Ekonomie vu Lëtzebuerg bäidroen. Anerersäits huet eng rezent Etüd bewisen, datt 20% vun hire Revenuen hei zu Lëtzebuerg investéiert ginn, wat jo och net ze ënnerschätzen ass.

Et ass awer op där anerer Säit wichtig, datt mir als Lëtzebuerger Politiker deen néidege Kader setzen, fir datt ronderëm d'Grenze virun allem Park & Riden amenagéiert ginn. Dat geschitt mat deemem Projet ouni Zweifel. Duerfir, déi 43,5 Milliounen sinn hei ganz gutt investéiert.



Wat ech och virun allem gutt un deem Projet fannen, ass, datt och ëmweltpolitesch Moossname virgesi sinn, sief dat d'Installatioun vu Fotovoltaik, sief dat awer och d'Opfänke vu Reewaasser. Op där anerer Säit soll een awer och nach eng Kéier hei ënnersträichen, datt eng maximal Begrëngung soll virgeholl ginn, fir datt eben och déi Installatioun sech beschteméiglech do integréiert.

Ech mengen, fir d'Gemeng Péiteng ass dat ouni Zweifel - an den zoustänneg Schaffen huet dat jo och schonn hei duerchblécke gelooss - och e Virdeel, datt eng Rei Autoen do aus de Quartiere kënnen erausgeholl ginn an datt eben elo dat op enger zentraler Plaz ka geschéien, dee Parking.

An deem Sënn, wéi gesot, kënnen mir dee Projet do nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen och der Madamm Lorsché nach Merci fir déi eenzel Projeten a brénge selbstverständlech dann och den Accord vun der DP.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus nach eng Kéier e Merci un d'Kolleegein Josée Lorsché fir de Rapport.

Ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, datt déi Park & Riden, déi un de Grenze sinn, datt dat déi richteg Politik ass. Et ass net, fir d'Park & Riden an den Zentrum ze maachen, wéi mer dat fälschlecherweis, eiser Meenung no, elo zweemol gemaach hunn, mä et soll een dat schonn un d'Grenze vun eisem Land setzen.

Ee vun deenen éischte Park & Riden, déi gebaut gi sinn, dat war deen zu Fréiseng. Deen ass schonn eng Kéier ausgebaut ginn. An ech hunn dem Här Minister Bausch dat och scho gesot: Et misst een onbedéngt och do drun denken, fir e Parkhaus ze bauen, well deen ass iwwerfëllt, a vun do aus gëtt et eng Busspur, déi direkt an d'Stad geet, a wann ee gesäit, wivill Bussen do fueren, an déi Busse sinn alleguer voll, well eben eng Busspur do ass.

An et muss een och drun denken: Mir gi jo der-vun aus, datt eng Kéier d'Saarautobunn vu Fréiseng Richtung Saarbrécken opgeet! Mä wann deen Dag kënnt, da gëtt et doudsécher vill Leit, déi aus dem Saarland kommen, déi dann net méi wëllen an d'Stad fueren. Mä wa se kënnen zu Fréiseng op der Grenz erausfueren an och erëm eropfueren, dann ass dat e Parking, deen doudsécher och vu ville Leit, déi aus Däitschland kommen, profitéiert gëtt. Duerfir kann ech nëmme recommandéieren, fir drun ze denken, fir dee Park & Ride och ze vergrësseren an enger Gréisstenuerdung wéi deen heiten. Dat wier sécherlech och do ubruecht.

An dobäi wëll ech dann awer zum Ofschloss och d'Zoustëmmung zu deem Projet vun der ADR bréngen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet erëm de Statsekretär am Nohaltegkeetsministère, den Här Camille Gira.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech wëll och hei der Rapportrice villmools Merci soe fir d'Vitesse, wéi dat duerch d'Chamber gaangen ass, awer och eise Leit, haaptsächlech vun CFL. D'Chronologie ass gemaach ginn, vun der Iddi bis zur Realisatioun si mer hei relativ gutt ënnerwee. An dass e Besoin grad an där doter Region besteet, ech mengen, dat zweifelt keen un.

Ech mengen, Dir hutt et matkritt, ech ka soen: Et ass deen éischte Park & Ride vun enger neier Generatioun an deem Sënn, an där Gréisstenuerdung op der Grenz. Wann ech dat esou dierf soen: Fir eis ass dat déi zweet Couronne. Déi éischt Couronne, dat ass déi no bei der Stad.

Ech wëll awer d'Geleeënheet notzen, fir dat opzegräifen, mengen ech, wat schonn e Virriedner gesot huet: Mir sollten eis et net ze einfach maachen a soen, sämtlech Mobilitéitsproblemer zu Lëtzebuerg wieren d'Schold vun de Frontalieren, gell! De Modal Split bei de Lëtzebuerger ass net wesentlech besser wéi bei de Frontalieren.

An dofir brauche mer net nëmme Park & Riden op de Grenzen. Eis éischt Couronne ass déi, déi op d'Endstatiounen vum Tram kënnt. Dir wësst, dass e ganz grouse Park & Ride um Héienhaff geplangt ass, beim Fluchhafen, an op där ane-

rer Säit och beim Stadion op der Cloche d'Or. Déi zweet Couronne, dat ass déi wierklech op de Grenzen, Rodange. Fir Fréiseng kann ech lech soen, dass Diskussiounen lafen, vläicht souguer, dass mer un Terrainen kommen a Frankräich, fir dann do iwwer eng Konventioun eppes ze maachen. Waasserbëlleg ass ënnerwee.

Dir hutt awer och vläicht matkritt, dass mer schonn ënnerwee sinn, fir eng drëtt Couronne opzebauen, an zwar, fir d'Frontalieren awer déi Kéier wierklech nach éischter opzefänken. An zwar bei der Statsvisitt a Frankräich, do ass, mengen ech, no bausse relativ vill thematiséiert ginn, dass mer Suen an de Grapp huelen, fir d'Zuchstreck hannert der Grenz bis op Metz hëllefe méi sécher ze maachen, awer och auszebauen, fir dass d'Fransousen och méi Capacitéit kréien.

Wat manner eriwwerkomm ass, dat ass, dass mer prinzipiell d'accord sinn, fir zwee grouss Park & Riden zu Diddenuewen an zu Lonkech, wou all Kéiers och 700 Parkplaze solle kommen, fir déi zumindest matzefinanzéieren. Do mussen nach Projeten ausgeschafft ginn. Dat ass da scho fir eis déi drëtt Couronne, dat heescht, wou mer d'Frontaliere schonn an hirem Land opfänken, fir se dann op Zich a Bussen ëmzetässelen.

Do dernieft vergiesse mer awer net all déi Park & Riden, ech soen elo emol, déi iergendwou tëscht enger vun deenen dräi Couronnen do leien. Sou soll Käerjeng notament vun 250 op 400 ausgebaut ginn. A mir hunn och op anere Garen nach Projeten, fir auszebauen. Well all Mënsch, dee ganz fréi, mengen ech, op den ëffentlechen Transport ëmklëmmt - vläicht ginn dat och Plazen, wou Carpoolingsleit sech nom Zuch zesummendinn, fir dach méi wäit ze fueren, do héiert Der geschwë vun eis mat eiser App, déi mer an deenen nächste 14 Deeg publizéieren -, well all Auto manner op enger Lëtzebuerger Strooss ass manner Stau, awer och manner CO₂.

An deem Sënn Merci all deenen, déi derfir gesuergt hunn, dass mer elo gläich zu Rodange kënnen mat den Aarbechten ufänken.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7234 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7234 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet 7234 ass mat Unanimitéit mat 60-mol Jo uegholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass haut de Projet de loi 7179 betreffend d'Vermummung an déi zwou Propositions de loi 6705 an 6909 iwwert deeselwechte Sujet.

D'Presidentekonferenz huet proposéiert, dass d'Reporteren noeneen de Projet respektiv d'Proposition-de-loie presentéieren, dass mer awer eng gemeinsam Diskussioun maachen nom Modell 2. An ech géif dann direkt d'Rapportrice vun éischte Volet vun eiser Diskussioun froen eropezekommen, d'Madamm Viviane Loschetter, zum Projet de loi 7179.

8. 7179 - Projet de loi portant modification de l'article 563 du Code pénal en créant une infraction de dissimulation du visage dans certains lieux publics

6705 - Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal

6909 - Proposition de loi portant interdiction de la dissimulation du visage dans les lieux publics

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 7179

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Werdegang vun deem Projet de loi vläicht méi kloer ze erklären, erlaabt mer, datt ech chronologesch virginn!

Fir d'Éischt emol eng Bemierkung, an zwar déi: an der Chronologie war dat am Joer 1789 oder 1790, näämlech do, wou d'Gemengereglementer eng Base légale kritt hunn. An effektiv ass et esou, datt hei zu Lëtzebuerg vun deenen 105 Gemengen der 62 e Règlement de police hunn, a vun deenen 62 sinn et der effektiv 47, déi och d'Vermummung oder op Franséisch «l'interdiction de dissimuler le visage en public» reglementéieren.

Dat mécht plus ou moins, grosso modo 72,75% vun der Gesamtpopulatioun vum Territoire vun deem Land aus. Dat ass natierlech vill. Dat heescht, domadder wären am Fong geholl praktesch dräi Véierel vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, duerch esou e Règlement de police, deen och nach d'Vermummung géif reglementéieren, ofgedeckt.

Natierlech muss een och wëssen, datt mer eng Autonomie communale hunn an datt déi praktesch Ëmsetzung net an alle 47 Gemengen onbedéngt déiselwecht ass. An dat mécht d'Saach net méi einfach, mä éischter e bësse méi komplizéiert.

Wat och nach wichteg ass ze ënnersträichen, an ech mengen, dat weess och all Buergermeeschter heibannen, dat ass, datt déi Gemengereglementer all den Ordre public matériel regelen, wat d'Securitéit ausmécht, wat d'Tranquillitéit a wat d'Salubritéit ausmécht. Sou steet et am Reglement.

An da maachen ech direkt eng kleng Bemierkung, well dann ass et och gesot: Deen heite Projet de loi wäert d'Reglementation communale net ofänneren, net a Fro stellen. Déi bleift weider en application, well et ass esou, datt en vertu vun der Autonomie communale just d'Gemeenge selwer kënnen hire Règlement de police ofänneren.

Chronologesch kommen ech da bei eis Nopeschlänner. An da muss ee wëssen, datt eng Diskussioun natierlech ëm Vermummung am Allgemengen an och ëm Vermummung notament, wat Burka an Nikab ubelaangt, lassgetrëppelt ginn ass. An 2010 huet Frankräich als Alleréischte e Gesetz gestëmmt, dat d'Vermummung vum Gesiicht am Espace public regelt respektiv verbitt. A kuerz duerno, am Juni 2011, huet dat anert Nopeschland, d'Belsch, datselwecht gemaach.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An da komme mer schonn op Stroossbuerg, näämlech zur Convention européenne des droits de l'homme. An d'Cour européenne des droits de l'homme huet am Joer 2014 am Juli eng Jurisprudenz, en Uerteel gesprach, well een aus Frankräich géint d'Land Frankräich geklot hat. An d'Cour huet effektiv déi Klo do ënner verschiddenen Aspekter vun der Konventioun analyséiert, éischstens, dem Artikel 8 vun der Konventioun, wat den «respect de la vie privée et familiale» ausmécht, dem Artikel 9 vun der Konventioun, wat den «droit à la liberté de manifester sa religion ou ses convictions» ugeet, an am Kader vum Artikel 10 vun der Konventioun iwwert den «droit de la liberté d'expression».

D'Cour huet also an der éischter Halschent vun 2014 en Uerteel gefällt par rapport zu deser Klo géint Frankräich. An do faassen ech mech e bësse méi kuerz, mä et sinn an de Konkusiounen verschidde Punkte festgehal: ginn:

Dat Éischt, an dat ass net onwichtig, dat ass, datt all méiglech Restriktioun muss duerch e Gesetz festgehal: ginn.

An engem weidere Punkt huet d'Cour och festgehalen - an dat ass eng flott Ausso, déi d'Cour och mécht; bei „flott“ wëll ech elo net beuerteelen, mä einfach zitieren -, d'Cour seet: «qu'on ne saurait retenir que l'interdiction générale que pose la loi (...) est nécessaire, dans une société démocratique, à la sécurité publique ou à la sûreté publique (...).» Dat

heescht ënner anerem - an duerfir soen ech, datt et flott ass, well et berouegt ons -, datt d'Cour awer seet, an engem demokratesche Land misst et eigentlech net noutwendeg sinn, fir esou eng Interdictioun ze maachen.

D'Cour huet awer zrëckbehalen, an och dat ass net onwichtig fir Lëtzebuerg, datt «dans certaines conditions une interdiction de dissimuler le visage peut être justifiée par ce que le Gouvernement», en l'occurrence «français a qualifié de „respect des exigences minimales de la vie en société“ ou de „vivre ensemble“.» Do geet et ënner anerem och ëm d'«protection des droits et libertés d'autrui», wourop d'Cour sech referéiert.

Voilà! An dat ass dann och d'Uerteel, dat säit 2014 virläit, wou effektiv den «vivre ensemble» zrëckbehal: ginn ass, deen, wann e proportionéiert ass, wann et Sënn mécht, och kann eng Liberté partiell aschränken. D'Cour huet datselwecht duerno nach eng Kéier gemaach par rapport zu der Belsch, déi iwwregens och nach aner potenziell Violatiounen vun der Konventioun versicht hat nach mat als Argument ze ginn, déi alleguerte verworf gi sinn, awer den «vivre ensemble» an notament d'«protection des droits et libertés d'autrui» sinn do nach eng Kéier zrëckbehal: ginn.

An da kommen ech zrëck op Lëtzebuerg, chronologesch, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an zwar op dee Moment, deen Der och a mengem schrëftleche Rapport erëmfant, wou d'Regierung, déi eigentlech, wéi et e puermol richtig gesot ginn ass, net onbedéngt déi grouss Noutwendegkeet gesinn hat, fir en la matière ze legiferéieren, sech awer Froe gestallt huet, well ee jo och en Uerteel zu Stroossbuerg hat, dat net onbedéngt deem entsprach huet, wat ech lech virdu gesot hunn, wat d'Gemengereglementer an hire Missiounen hunn, näämlech den Ordre public matériel.

An duerfir ass de Statsrot gefrot ginn an engem Bréif vum Premierminister, an dat war 2016, fir ze wëssen oder fir Kloerheet ze schafen tëschent engem Ordre matériel, wat een am Règlement de police communal erëmfënnt, wat dann - fir et nach eng Kéier ze widderhuelen - d'Tranquillité, d'Sécurité an d'Salubrité ausmécht, an engem Ordre moral, deen éischter ubruecht ass, fir den «vivre ensemble» ze definéieren.

De Statsrot huet och a senger Äntwert zimlech kloer gesot, datt: «Le règlement communal ne peut appréhender que des actes de nature à troubler la sécurité et la tranquillité physiques du citoyen.»

Och wësse mer, datt zu Stroossbuerg d'Cour zrëckbehalen huet, datt mer net kënnen genau déi doten Argumenter zrëckbehalen, fir e Verbuet oder e partielle Verbuet vun enger Vermummung zrëckzebehalen. An et ass eréischt doropshin...

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e bësse komplizéiert, wann ee wëllt chronologesch virgoen, well ech muss lech soen, datt entre-temps och Däitschland 2016 legiferéiert huet an datt och de Senat an Holland befaasst ass mat engem Projet vun engem Gesetz iwwert d'Dissimulation - partiell des Kéier - du visage.

An da kommen ech zrëck op Lëtzebuerg, näämlech datt déi Léisung, déi herno zrëckbehal: ginn ass zu Lëtzebuerg, wou d'Regierung du schlussendlech e Projet de loi deposéiert huet, eng ass, déi sech éischter un deem orientéiert, wat mer och an Holland virleien hunn, näämlech eng Dissimulation partielle op Plazen, wou et wichteg ass, datt déi Interaktioun esou ass, datt een och d'Gesicht gesäit, an net op allen ëffentleche Plazen. Dat war dann déi Solutioun, déi vun der Regierung zrëckbehal: ginn ass, déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass.

De Projet de loi 7179 hält dann och zrëck, datt et verbueden ass, säi Gesicht ze vermummen op alle Plaze vun Transport collectif, bannent an am Ëmfeld - an der „enceinte“ op Franséisch - vun Etablissement-scolairen, vun allen Typen vum Enseignement, public et privé, an och op all deene Plazen, wou Mineuren, déi manner wéi 16 Joer hunn, sech ophalen, accueilliéiert ginn: Maison-relais etc., Maisons des jeunes etc.

Et ass och verbueden, an den «établissements hospitaliers (...) y compris dans les ascenseurs et corridors» vermummt ze sinn. An et ass verbueden an deenen «locaux à usage collectif des institutions accueillant des personnes âgées», dat heescht «à des fins d'hébergement», Altersheimer, CIPAen an esou weider, «dans les bâtiments relevant des autorités judiciaires» a schlussendlech - d'Formulatioun, déi